


BUCH
STAWEN
ZOPP



Entreprise Sätzwierk

Datum : 03/05/2024

N°05

Entreprise Sätzwierk

FRÉIJOER- EDITIOUN

Proffesprech:

Mathe dreift verschidde Leit zu
komesche Saachen

-Christophe Audenaerde

Wann ee schonn net de
beléiftste Proff ka sinn, da
kann ee wéinstens de
peinlechste Proff sinn

-Sam Flammang



Zitat
vum

Mount

And perhaps it is the greater grief,
after all, to be left on earth when
another is gone.

/ MADELINE MILLER, THE SONG OF
ACHILLES



GEET ET OCH OUNI HANDY?

Den Handy-Verbuet war an ass warscheinlech déi kontroversten Ännerung, déi an dësem Schouljoer agefouert ginn ass. Wat d' Grënn fir den Handy-Verbuet waren a wéi eng Problemer vläicht awer keng Problemer sinn? Hei den Interview mat der Mme Muller:

Firwat goufen Handyen an Tablette verbueden?

Den Handy gouf net wéinst engem vun deenen typesche Problemer verbueden, zum Beispill dass d'Schüler ze vill um Handy sinn, Mobbing oder sou. Ënner anerem gouf en agefouert, well d'Schüler Recherche méi "iwwerluecht" maache sollen. Et geet méi einfach a séier, wann een um Handy eppes no sicht, wéi wann een sech extra alogge muss. Dobäi "zwénge" mir se natierlech och, mateneen ze schwätzen amplaz op den Handy ze kucken.

Wier et net méi sënnvoll den Tablet am Kuer ze erlaben?

Tabletten erfëllen déi nämmelech Funktioun wéi Handyen, et kann een déi sozial Medie benotzen, Spiller spillen oder sech iergendwéi anescht oflenken. Et ass einfach ze vill fir d' Proffen, fir ëmmer ze kontrolléieren, ob ee Schüler grad schafft oder net.

Notte kann een och um Pabeier huelen, Studien hunn och bewisen, dass een d'Informatiounen duerch d' Schreiwen op Pabeier méi séier an einfach verhält wéi duerch d' Tippen.

Firwat ginn et nëmme véier Computer pro Klass?

Et brauch een och net ëmmer de Computer fir Powerpointen aus Präsentatioun oder sou ze maachen, firwat sollt een ëmmer nach eppes liesen, wann een och einfach nolauschtere kéint.

D'Schüler solle méi zesumme schaffen a sech géigesäiteg austauschen. Doduerch verhält een sech d' Informatiounen méi einfach a méi séier, wéi wann een se einfach séier kopéiert. Dobäi kënnt nach, dass méi Schüler kënne Falschinatiounen erkennen, wéi wann nëmme een se sicht.

Wier et net besser, de Schüler bäizebréngen, wéi een anstänneg Recherche mécht?

Dat léieren se jo schonn doduerch, dass se sech géigesäiteg austauschen. Doduerch kënnt och d'Mediekompetenz mat der Zäit.

Halen sech d' Schüler dann och un den Handy Verbuet?

Et gi vill Schüler, déi den Handy net ofginn, obwuel se en dobäi hunn. Am Fong ass dat awer egal, well se en awer net benotzen, an natierlech weist dat och deenen anere Schüler, dass et net normal ass den Handy ze benotzen.

Wann et den Handy Verbuet nach net géif ginn, géift dir en nach eng Kéier aféieren?

Jo.



Och wann den Handy Verbuet um Ufank hei an der Schoul extrem vill kritiséiert ginn ass, a vill Leit sech géint en ausgeschwat hunn, probéiere lo aner Länner, dorënner Dänemark, dat am Fong Virreider vun der Digitaliséierung u Schoule war, dee selwechte Wee ze goen. A kengem anere Land benotzen d'Schüler sou vill digital Geräter, a ronn 70% vun de Kuere gëtt en Tablet, Laptop oder Computer benotzt. D'Regierung wëll lo rëm op Bicher wiesselen, d'Schüler géifen sech ze vill oflenken, an et verhält een sech d' Saache méi schwéier, wann een se um Computer sicht.

Den Interview gouf gefouert vum Louis Evers (5C6)

INTERVIEW MAM PATRICK HURST

Dëst Joer stinn d'Journées du livre et des droits d'auteur ënner der Iwwerschrëft "Fair Mateneen Ëmgoen". An deem Kontext hu mir en Interview mam Patrick Hurst gemaach, deem am LEM als Enseignant schafft, awer och Prääsident vum Centre pour l'Egalité de Traitement war. Hien ass vu Gebuert u blann.



Dir waart fënnef Joer laang Prääsident vum CET, dem Centre pour l'Egalité de Traitement a weider fënnef Joer laang Member. Wat huet Dir aus där Erfahrung mat?

Ech huele vill Begéinunge mat Persounen vun alle Borde mat (net nëmmen am CET selwer), mee insgesamt an eiser ganzer Gesellschaft: Flüchtlingen, Leit vun anere Reliounen, Membere vun der LGBTQI+-Communautéit, asw. awer och vill Temoignagen an Erfahrungen op Konferenzen am Ausland. Hei sinn ech vill gewuer ginn, datt net alles schwaarz oder wäiss ass, mee viles vun de Kontexter ofhänkt, also vill Gro-Téin!

Wat bedeit "Fair Mateneen Ëmgoen" firlech?

Fir mech bedeit et, eeben opgrond vun den uewe genannten Erfahrungen, dat een sech och muss Zäit huele fir nozelauschteren, ze diskutéieren, an déi Erfarunge wierken ze loossen.

Kéint Dir kuerz beschreiwe wéi Är Aarbecht ofleeft? Wéi muss een sech zum Beispill uleeën, fir dass aus enger Propos um Enn eng Realitéit gëtt, villäicht esouguer e Gesetz?

Hei kënnt viles beieneen: Den CET huet am allgemeng bis elo (leider) nëmmen eng berodend Funktioun; d.h. d'Leit bréngen hir Reklamatiounen bei eis (mat eventuelle Beweiser) a mir kënnen hinne soen, ob mir vun enger Diskriminéierung ausginn oder net a wat d'Persoun domat ka maachen: z.B. bei en Affekot, op d'Gericht goen, asw. Mir (den CET) däerfen zur Zäit näischt an déi Richtung fir d'Persoun ënnerrhuelen, ausser een Dossier, (an dat hu mir an e puer Fäll och gemaach) un de Parquet weiderschécken.

Wat Gesetzgebung betrëfft, hunn ech awer och indirekt villes geléiert a matkritt. Et brauch een e ganz laangen Otem (heiansdo bis zu 10 Joer a méi) ier eppes hei zu Lëtzebuerg ëmgesat gëtt. Ech hat während menger Zäit bei Info-Handicap (fir d'Chamber-Walen 2009) e präzise Fuerderungskatalog un d'Partei formuléiert mat Iddien, wéi en zäitgeméisst Accessibilitéitsgesetz ka formuléiert ginn: Dat gouf elo vun der leschter Regierung (Enn 2021) ugeholl an ass den 1. Juli 2023 a Kraaft getrueden.

Wat war dee gréissten Erfolleg, deen Dir an de leschte Joren erreecht hutt?


D'Accessibilitéitsgesetz war schonn e wichtege Erfolleg fir vill Veräiner an deenen ech aktiv sinn. Wat den CET betrëfft, war et d'Bewosstsinnsbildung, déi mir am Land zum Thema Rassismus konnte leeschten: Enger EU-Etude vun der Grondrechtsagentur (EU-Fundamental Rights Agency) vun 2018 no hunn sech Bierger mat swaarzer Hautfaarf zu iwwer 2/3 (hei am Land) diskriminéiert gefillt, bal duebel sou vill wéi am Duerchschnitt an aneren EU-Länner. Mir hu mat diverse Konferenzen, Presse-Optrëtter, Enquêtes, Brochuren asw. ab 2019 dorop opmierksam gemaach. Enn 2023 huet déi Etude festgestallt, dat zwar nach ëmmer 47% vun de befroete Leit mat swaarzer Hautfaarf sech diskriminéiert fille, mee mir konnten entgéint dem allgemengen Trend an Europa de Prozentsaz no ënnen drécken.

Äert Mandat ass matzen an d'Corona-Zäit gefall: a wéi wäit huet d'Pandemie Är Aarbecht beaflosst?

Ee wesentlechen Afloss vun der Pandemie war natierlech, datt während zwee Joer vill national an och international Eventer hu missten ausfale resp. online stattfannen. Da gouf et och eng gewëssen Hektik an der Gesellschaft, well vill Leit d'Virschreften wéi d'Maskepflicht net verstan oder fir iwwerdriwwen gehalen hunn.

Dir waart ee vun den éischte Schüler zu Lëtzebuerg, deen an enger regulärer Schouklass um Unterrecht deelgeholl huet. Kënnt Dir eis déi Erfahrung e bësse beschreiwen?

Jo, Enn vun den 80er Jore war een als blanne Schüler schonn iergendwéi en Exot, a well et déi digital Hëllefsmëttel vun haut nach guer net gouf, huet alles missen op der Hand vun anere Persounen op enger Braillemaschinn (mat vill Kaméidi) ofgetippt ginn. Och war natierlech mäi Schoulsak duebel sou schwéier, well de Pabeier duebel sou déck huet misste sinn an eng DIN-A4-Säit nëmme ¼ vum Text faasst wéi een „normal“ gedrécktent Blat. Den Ëmgang mat Kolleg*innen an der Klass war gemëscht: Et gong vum Akzeptanz bis zu Gestëppels, datt mir Schüler de Bengel am Haff ewechgeholl hunn.



Dir hutt dono zu Nanzeg Sprooche studéiert – firwat huet grad dat Fach lech interesséiert?

Ech hunn u sech Englesch studéiert a Franséisch Didaktik (mat der Mentioun Français Langue Etrangère), well ech scho vun Ufank un e relatiiv musikalescht Gehéier hat (ech spillen och vum Alter vu 5 Joer u Piano a sangen aktuell an 3 Chéier), deemno hat ech et relativ einfach, d'Aussprooch vun deenen diverse Sproochen ze verënnerlechen.



Wann Dir dräi Wënsch fräi hätt – wat fir Fortschrëtter missten a Saache Gläichberechtigung nach gemaach ginn?

- Perséinlech Assistenz fir Leit mat enger Behënnerung: Esou hunn ech och mäi Beruff kennegeleiert, well ech eeben am Lycée op 2e (dat war schonn 1998, och a Frankräich) eng blann Literatur-Proff am Franséischen hat, woubäi all déi aner Schüler gesinn hunn. Si huet mat hirer Assistentin ganz normal Cours gehalen. Sou wäit si mir heizuland leider nach net.
- E „Congé de citoyenneté“: Et gëtt nämlech vill Zorte vu Congé fir Gewerkschaften, Gemengepolitik, Entwécklungshëllef, Sport, Kultur, asw. awer aktuell näischt fir Aktivitéiten, wou Persounen wéi mir aus Veräiner d'Ministèren ënnerstëtzen (duerch eis Expertisen a Gremien, Sensibiliséierungscampagnen, asw.). Dëst géif effektiv och iwwer de Beräich Behënnerung d'Zesummeliewe fërderen.
- Allgemeng méi Sensibiliséierung a Formatioun zu dem Thema “Zesummeliewen” an de Schoulen.

Interview gefouert vu Sätzwierk

Wat ass den CET?

Den CET schafft onofhängeg an huet d'Aufgab d'Gläichbehandlung ze fërderen, ze analyséieren an ze beobachten, respektiv eng Diskriminéierung opgrond vun ethnescher Zougehéieregkeet, Geschlecht, sexueller Orientéierung, Relioun oder Glawensbekenntnis, Behënnerung oder Alter ze verhënneren.

UNE POLITIQUE PROACTIVE DE L'ANTI-DISCRIMINATION PLUS IMPORTANTE QUE JAMAIS !

Alors que ce mardi 12 mars 2024 marque les 10 ans et ainsi la fin de mon mandat comme membre (2014-2019), puis président (2019-2024) du Centre pour l'Egalité de Traitement, chargé d'accompagner et de surveiller la non-discrimination au Luxembourg sur base de l'origine ethnique, de la couleur de peau, de la religion ou conviction, le genre et l'orientation sexuelle, l'âge, la santé et le handicap, le Luxembourg a connu d'importants progrès ces 10 dernières années: Certes, nous avons un Ministère pour l'Egalité Hommes-Femmes, une nouvelle loi sur l'Accessibilité pour tous, des Bâtiments ouverts au public, une loi pour le vivre-ensemble.

Force est de constater que ce ne sont que de belles théories qui hélas ne sont pas mises en pratique de la même manière selon les différents pays d'Europe:

C'est pourquoi l'Union Européenne, ensemble avec l'Equinet, la plateforme européenne de toutes les agences de lutte contre les discriminations, dont j'ai pu faire partie avec le CET, a planché ces deux dernières années sur une directive permettant d'offrir un niveau de protection égale à tous dans tous les pays... Par exemple, une personne victime de discrimination en France peut se faire accompagner par le Défenseur des Droits en justice (tout comme le fait l'UNIA en Belgique), alors qu'au Luxembourg, ce n'est toujours pas le cas. C'est d'ailleurs pourquoi j'ai eu la chance de participer à plusieurs conférences de haut-niveau pour mettre au point ces textes, dont une au mois de décembre à Berlin et l'autre à l'ELA (European Labour Authority) à Bratislava.



Une question cruciale, sur laquelle j'ai pu être rapporteur d'un groupe de travail est celle des moyens et pouvoirs que les états-membres comme le Luxembourg donnent à leur organe de lutte, mais aussi des stratégies pour faire au mieux dans la situation actuelle, comme la sensibilisation, le travail de presse...


Or il faut dire que les mois passés ont été riches en besogne, car ici, nous avons certes une interdiction formelle de la discrimination, mais au-delà, les victimes doivent se débrouiller seules pour faire valoir leurs droits, ce qui en conséquence, n'a eu qu'une vraie condamnation comme suite... Et la preuve: Nos politiques s'en donnent à cœur-joie sur les réseaux sociaux, dans le débat sur la mendicité et la politique des réfugiés notamment... On ne dirait pas que près de 90% de notre richesse sont en fait produits par des non-luxembourgeois!

Patrick Hurst



De Patrick Hurst huet de 14. Dezember un der Konferenz vun Equinet zu Berlin deelgeholl, bei där och Regierungsvertrieder a Representante vun der europäescher Kommissioun present waren.

DIE USA VORWAHLEN 2024



In den USA (die Vereinigten Staaten von Amerika) finden bald die Präsidentenwahlen statt. Das heißt, dass sich freiwillige Bewerber bei den Republikanern und Demokraten durchsetzen müssen, um Spitzenkandidat zu werden. Diese Spitzenkandidaten werden von dem Volk gewählt, um zu entscheiden, wer Ende des Jahres gegeneinander kandidieren wird und danach ins Weiße Haus kommt. Die schlussendlichen Wahlen finden am 5ten November 2024 statt.

In den aktuellen Vorwahlen hat Donald Trump die aller meisten Stimmen. Er hat 42,4% aller Stimmen (in seiner Partei). Das klingt auf den ersten Blick nicht dramatisch, doch wenn man sich anschaut, wieviel Prozent die 2t beste Kandidatin hat, dann bemerkt man mit wieviel Mehrheit Trump über allen steht. Nikki Haley ist auf dem zweiten Platz mit nur 3,7% aller Stimmen. Das heißt, dass Donald Trump 38,7% Prozent mehr Stimmen hat als Nikki Haley die auf dem zweiten Platz aller Kandidaten/innen in der republikanischen Partei steht. Da bedeutet, es steht fest, Donald Trump wird gegen Joe Biden kandidieren.



Was will Donald Trump überhaupt tun, wenn er gewählt werden würde und wieso rät man den Amerikanern im Ausland dies ab?

Ex-US-Präsident Donald Trump wird nach eigenen Worten im Falle seiner Wiederwahl nicht zum Diktator - außer am ersten Tag seiner Amtszeit.

So, steht es im Artikel der Tagesschau.

Unter anderem wird behauptet, dass er seine Konkurrenz, die Demokratie zerstören will. Er hat seinen politischen Gegnern häufig mit "Vergeltung" gedroht, falls er an die Macht kommen sollte. Er will ebenfalls die Mauer in Mexiko erneut schließen und die Ölbohrungen erweitern.

Trump antwortete auf die Frage in einem Interview, ob er Diktator werden möchte, mit:

“Nein, nein, nein-außer am ersten Tag”

“Wir schließen die Grenzen und wir bohren, bohren, bohren. Danach bin ich kein Diktator mehr” fügte er hinzu.

Biden (Joe Biden ist momentaner Präsident von den USA) warnte auch mehrmals, Trump wolle die Demokratie zerstören.



Eine große Frage bleibt trotzdem noch stehen:

Wieso wählen die Amerikaner erneut Donald Trump?

Da es dafür keine faktische Antwort gibt ist dies meine Meinung:

Trump ist in seinen Reden sehr direkt. Er sagt den Menschen ins Gesicht, was er vom Land hält und was er umsetzen möchte. Amerikanische Bürger sind meistens sehr stolz auf ihr Land. Trump tut dies ebenfalls, er zeigt den Menschen wie stolz er auf sein Land ist. Er ist sehr selbstverliebt, stellt sich immer am besten dahin, das ist ebenfalls etwas, was die Bürger anzieht, ihn zu wählen.

Wir können feststellen, dass Donald Trump gegen Joe Biden kandidiert. Wer von den beiden nun gewählt wird und was sie dann tun, steht noch offen.

Yven Holper



Quellen: Frankfurter Allgemeine, SRF News, Tagesschau, Wikipedia

MUSEKSKRITIK

The Interrupters



The Interrupters is a group I recently discovered through the weekly discovery option in Spotify. The algorithm recommended to me their song *She's Kerosene*. I instantly fell in love with this song with the groovy music and the weird lyrics of this song. It just made me vibe to it, and I even improvised some dance moves in my bedroom. This song was my introduction to this band.

The band formed in 2011 in Los Angeles with Aimee Allen as lead singer, Kevin Bivona as guitarist and his twin brothers Jesse (drums) and Justin (bass). Even before launching their debut album, they were active in the West Coast punk scene, touring with some well-established bands of the region. In 2014, their eponymous debut album came out and found some success, letting them tour the US and Canada with other punk bands and they even toured Europe with Bad Religion.

This album has some good songs that I personally like a lot. My favorite is the song *Take back the power*, which is a direct call for the citizens to take back the power in a grim world. Other songs that are worth mentioning is *Family*, which relates the adventure of a 'crazy family' with the police, and *Easy on you*, which relates the story of abandoned and lost country youth ending up as a drug dealer. All told in that groovy atmosphere that only ska bands have the secret of.

In 2016, their second album *Say It Out Loud*, came out and climbed up to 25th place on the US Indie Charts, allowing them to travel on their first US tour as the main band and letting them play on the Vans Warped Tour the same year, one of the largest festivals in the US at the time.

This album is better than their debut. It is really rooted in the punk/ska sound that is one of the defining characteristics of the band. With bangers of songs, like She got Arrested and By My Side. The first song tells the story of a woman escaping a violent marriage by 'shooting down her man'. Despite the chilling theme of the song, it will give you the sudden urge to dance and clap your hands. The other By My Side, will simply make want to sing along to the amazingly simple chorus, reliving your past youth friendships.



In 2018 their international breakthrough album, Fight the Good Fight came out. And boy! Did it break through. It peaked at 141st place on the US Billboard Charts and topped 2nd place of Alternative scene charts. It also reached 4th place on the Australian Charts and 27th place on the German Charts. Their lead song She's Kerosene reached 1st place in the Canadian Rock charts and was certified gold in the same country. Meanwhile in the US it peaked at 4th place in the Alternative Charts.



Fight the Good 7Fight is in my opinion their best album up to this day, with absolute bangers of songs such as She's Kerosene, Gave you everything, Leap of Faith, Title Holder, Broken World and Got Each Other. Those songs will make you dance wherever you are. My personal favorites are She's Kerosene and Broken World. As I already mentioned, the first song has some good vibes with some weird lyrics that talk about how someone recognizes and escapes an abusive relationship. In my other favorite song, the lyrics are much more lighthearted if I can put it like this. They speak about how we need to fight to bring some unity to a broken world and we should let love guide us.



In 2023, their current album *In the Wild* came out to the world. It was less well received by the public, but still more appreciated by the public than their first two albums. This album further cemented their place in the modern ska scene. It topped at 145th place on the American Billboard Charts and was in the 2nd place in the Indie Choice.

The Album has some good songs such as *Anything was Better* and *As We Live* in collaboration with Tim Armstrong and Rhoda Dakar. Those songs were still giving me good vibes, but were less interesting to me than all their earlier albums (In my main playlist I have only saved 3 songs of this album while I saved 6 songs alone from the album *Fight the Good Fight*). However, I do recommend listening to the album if only for the songs listed above. In the song *As We Live*, the band shares, along with Tim Armstrong and Rhoda Dakar, a universal message of love to the world. Meanwhile, in the song *Anything was Better*, Aimee Allen talks about her experiences of going to LA to start her musical career early in her life.

Currently, The Interrupters are touring the world with their latest album, and they are making a stop at den Atelier on the 16th of June this year, which is unfortunately already sold out.

Pierre Turquin



The Interrupters (Credit: Jimmy Fontaine / 2022)

GRIECHISCHER HELD DES MONATS

Achilleus

Altgriechischer Name: Ἀχιλλεύς

Bedeutung des Names: Die Herkunft des Namen ist nicht genau bekannt. Achilleus könnte sich von dem griechischen Wort achos (ἄχος) , was "Schmerz" bedeutet, ableiten.

Rolle: Während des trojanischen Krieges aus Homers "Ilias" spielte er eine der wichtigsten Rollen für die griechische Seite, da er ihr stärkster Krieger war. Nachdem Agamemnon Briseis, eine von Achilleus Frauen , die er während dem Krieg gewonnen hatte, zur Geliebten nahm, zog Achilleus sich entzürnt aus dem Kampf zurück und die Trojaner gewannen Oberhand.



Patroklos, der entweder als Achilleus Waffengefährte oder Geliebter dargestellt wird, lieh jedoch Achilleus Rüstung aus und leitete dessen Truppen. Daraufhin tötete Hektor, der größte trojanischer Krieger, Patroklos, da er dachte es handelte sich um Achilles.

Außer sich vor Trauer und blind vor Rache tötete Achilleus Hektor und schändete anschließend dessen Leichnam, indem er ihn mit seinem Wagen um Trojas Mauern schlefte. Kurz darauf wurde Achilleus durch einen Pfeil getötet, mit dem Paris seine Ferse traf, die einzige verwundbare Stelle seines Körpers.

Symbol: Ein Symbol von Achilleus ist der mächtige Schild, welcher er von Chiron erhielt, bevor er sich in den trojanischen Krieg begab. Chiron war ein weiser Zentaur* und bildete Achilleus zum Krieger aus.

Familie: Sein Vater war der griechische König Peleus und seine Mutter die Meeresnymphe Thetis.

Fun fact: Nach seiner Geburt tauchte seine Mutter ihn in den Fluss Styx, der die Erde von der Unterwelt abgrenzte, damit er unsterblich sein würde. Sie hielt ihren Sohn jedoch dabei an der Ferse fest, die dadurch seine verletzte Stelle wurde.

Diese Stelle an der Ferse nennt man heutzutage die Achillessehne.

*ein Zentaur ist ein Wesen mit einem Pferdeunterleib und dem Oberkörper eines Menschen

Louana Schneider